

Gottesdénsgscht fir de Weltdag vun de Kranken, 11.2.2026

**„Das Mitgefühl des Samariters:
Lieben durch das Tragen des Leidens anderer“
« La compassion du Samaritain :
aimer en portant la souffrance de l'autre »**

Im Namen des Vaters und des Sohnes und des Heiligen Geistes. Amen.

Jesus Christus, der uns das Beispiel des barmherzigen Samariters gab, sei mit euch allen.

Léif Schwëstere(n) a Brëdder!

Haut wëlle mir zesummen dem Härgott d'Suerge vun deene Kranken a schwaache Leit virleeën. Mir all kenne Mënschen, déi geplot sinn vun enger Krankheet, déi schwaach an eeler sinn. Mir wëssen vun deenen, déi doheem oder an eise Kliniken, Fleegeheemer an Altersheem liewen an do mat grousser Léift ëmsuergt ginn. Vill Mënschen sinn awer awer och eleng gelooss an hirer Nout. Krankheet a Leed si keng einfach Liewensrealitéiten. Mir gesinn déi Vill, déi hëllefen an sech all Dag fir déi Krank a Schwaach asetzen. Fir all Krank, alle Fleegekräften a fir all Familljen soll eist Gebiet gëllen. Si all sollen sech gedroe spieren an eiser Léift a Solidaritéit.

Op dësem 34. Weltdag vun de Kranke kucke mir op d'Bild vum baarmhärzege Samariter aus dem Lukasevangelium. Léift, Baarmhärzegkeet a Matgefill ginn eis an dësem Beispill virgelieft. Mir all sollten eis hei ureege loossen an eist Härz grouss opmaachen fir déi, déi eis Hëllef brauchen. Froe mir eiser Här säin Erbaarmen un:

Här Jesus Christus, du bleifs stoe virum Mënsch, dee blesséiert op der Strooss läit. Verzei eis, wa mir laanscht ginn an net hëllefen. Här, erbaarm dech.

Här Jesus Christus, du versuerge d'Wonne vun der Mënschheet mat Zäertlechkeet. Verzei eis, wa mir duerch eis Wieder, eis Aktiounen oder eist Näischt-Soen oder Näischt-Maachen een anere verletzen. Christus, erbaarm dech.

Här Jesus Christus, du bass bäi eis an aller Trei an de Momenter vu Schmierz a Krankheet. Verzei eis, wa mir eis Brëdder a Schwëstere(n) eleng loossen, déi eisen Trouscht brauchen. Här, erbaarm dech.

Gebet zum XXXIV Weltdag der Kranken

Herr Jesus, du barmherziger Samariter,
auf unsere Wunden legst du
das Öl des Trostes
und den Wein der Hoffnung.
Komm uns entgegen in unserer Not,
damit wir deine barmherzige Nähe
und deine heilsame Gegenwart erfahren.
Stärke alle Pflegenden durch deinen Heiligen Geist.
Schenke ihnen seine Gaben,
um den Menschen mit Offenheit zu begegnen.
Öffne unsere Herzen und mach sie weit.
Schenke uns Mut und Kraft, allen nahe zu sein,
die an Leib oder Seele leiden.
Amen.



Seigneur de la Vie,
en cette occasion, nous venons à Toi
le cœur et l'esprit
remplis des noms et des histoires de nos frères et sœurs
affligés par la maladie.

Dans leur souffrance, ils implorent Ta miséricorde ;
 nous demandons la grâce de savoir
 les accompagner et les aimer en portant leur souffrance.
 Toi qui connais la douleur et la souffrance,
 donne-nous la force de Ton Esprit afin que,
 en suivant l'exemple du bon Samaritain, nous puissions vivre
 la mission de nous faire proches en faisant toujours le bien,
 comme un appel profond pour chaque être humain.
 Marie, notre Mère, que nous invoquons
 comme Notre-Dame de Lourdes,
 porteuse de Dieu et attentive à la douleur et aux souffrances de l'humanité,
 prends-nous par la main et conduis-nous jusqu'à ton Fils Jésus,
 que nous ne nous arrêtons jamais de consoler, de guérir et de faire le bien.
 Amen.

Liesung

Aus dem heiligen Evangelium nach Lukas. (Lk 10, 25-37)

²⁵ In jener Zeit stand ein Gesetzeslehrer auf, um Jesus auf die Probe zu stellen,
 und fragte ihn: Meister, was muss ich tun, um das ewige Leben zu erben?

²⁶ Jesus sagte zu ihm: Was steht im Gesetz geschrieben? Was liest du?

²⁷ Er antwortete: Du sollst den Herrn, deinen Gott, lieben
 mit deinem ganzen Herzen und deiner ganzen Seele,
 mit deiner ganzen Kraft und deinem ganzen Denken,
 und deinen Nächsten wie dich selbst.

²⁸ Jesus sagte zu ihm: Du hast richtig geantwortet.
 Handle danach und du wirst leben!

²⁹ Der Gesetzeslehrer wollte sich rechtfertigen
 und sagte zu Jesus: Und wer ist mein Nächster?

³⁰ Darauf antwortete ihm Jesus:

Ein Mann ging von Jerusalem nach Jericho hinab
 und wurde von Räubern überfallen.

Sie plünderten ihn aus und schlugen ihn nieder;
 dann gingen sie weg und ließen ihn halbtot liegen.

³¹ Zufällig kam ein Priester denselben Weg herab;
 er sah ihn und ging vorüber.

³² Ebenso kam auch ein Levit zu der Stelle;
 er sah ihn und ging vorüber.

³³ Ein Samariter aber, der auf der Reise war, kam zu ihm;
 er sah ihn und hatte Mitleid,

³⁴ ging zu ihm hin, goss Öl und Wein auf seine Wunden und verband sie.
 Dann hob er ihn auf sein eigenes Reittier,
 brachte ihn zu einer Herberge und sorgte für ihn.

³⁵ Und am nächsten Tag holte er zwei Denare hervor,
 gab sie dem Wirt und sagte:

Sorge für ihn, und wenn du mehr für ihn brauchst,
 werde ich es dir bezahlen, wenn ich wiederkomme.

³⁶ Wer von diesen dreien meinst du, ist dem der Nächste geworden,
 der von den Räubern überfallen wurde?

³⁷ Der Gesetzeslehrer antwortete:

Der barmherzig an ihm gehandelt hat.

Da sagte Jesus zu ihm:

Dann geh und handle du genauso!

Évangile de Jésus-Christ selon saint Luc. (Lc 10, 25-37)

²⁵ En ce temps-là un docteur de la Loi se leva et mit Jésus à l'épreuve en disant :

« Maître, que dois-je faire pour avoir en héritage la vie éternelle ? »

²⁶ Jésus lui demanda : « Dans la Loi, qu'y a-t-il d'écrit ? »

Et comment lis-tu ? »

²⁷ L'autre répondit :

« Tu aimeras le Seigneur ton Dieu de tout ton cœur,
de toute ton âme, de toute ta force et de toute ton intelligence,
et ton prochain comme toi-même. »

²⁸ Jésus lui dit : « Tu as répondu correctement. Fais ainsi et tu vivras. »

²⁹ Mais lui, voulant se justifier, dit à Jésus : « Et qui est mon prochain ? »

³⁰ Jésus reprit la parole :

« Un homme descendait de Jérusalem à Jéricho,
et il tomba sur des bandits ;
ceux-ci, après l'avoir dépouillé et roué de coups,
s'en allèrent, le laissant à moitié mort.

³¹ Par hasard, un prêtre descendait par ce chemin ;
il le vit et passa de l'autre côté.

³² De même un lévite arriva à cet endroit ;
il le vit et passa de l'autre côté.

³³ Mais un Samaritain, qui était en route, arriva près de lui ;
il le vit et fut saisi de compassion.

³⁴ Il s'approcha, et pansa ses blessures en y versant de l'huile et du vin ;
puis il le chargea sur sa propre monture,
le conduisit dans une auberge et prit soin de lui.

³⁵ Le lendemain, il sortit deux pièces d'argent,
et les donna à l'aubergiste, en lui disant :

« Prends soin de lui ; tout ce que tu auras dépensé en plus,
je te le rendrai quand je repasserai. »

³⁶ Lequel des trois, à ton avis, a été
le prochain de l'homme tombé aux mains des bandits ? »

³⁷ Le docteur de la Loi répondit :

« Celui qui a fait preuve de pitié envers lui. »

Jésus lui dit :

« Va, et toi aussi, fais de même. »

Usprouch/Gedanken

"Dann geh und handle du genauso!" Et kléngt eigentlech einfach. An awer fällt et dem Mënsch schwéier, genee esou ze handeln. Mierke mir dat net och un eis selwer? Mir wëssen, dass een hei an do misst agräifen, dass een sech misst asetzen, dass ee misst hëllefen. Indifferenz, Lidderegkeet, Angscht, net wëssen, wat oder wéi een ët maache soll, well mer iwwerfuert sinn, all dat ass et dacks, wat eis ofhält, eis ze engagieren.

An eiser Zäit kréie mir méi wéi jeemools virdrun de Misär an d'Nout an der ganzer Welt duerch déi vill Medien heem geliwwert. Si mir net schonn zimmlech ofgestompt vis-à-vis vun all deem, wat mir do gewisen a gesot kréien? D'Leed an der Welt ass esou grouss, dass mir dacks einfach just resignéiere kënnen a mengen, mir kéinten souwisou net vill änneren. Kënne mir nach beréiert ginn, fille mer mat? Kënne mir d'Leed, dat direkt virun eis läit, nach wouer huelen an an onsem déiwen Ënnere spieren?

Wien ass mäin Nächsten? Déi Fro gött hei am Evangelium gestalt. Allerdéngsch schwéngt an deem klenge Saz implizit och d'Fro mat: Wien ass da net mäin Nächsten? Wéi wäit geet also meng Pflicht fir ze hëllefen a fir gär ze hunn? Jo, och mir schwätzen eis nawell gären ëmmer nees fräi vun dëser

Flicht, fir ze hëllef. Dacks hu mir esou vill aner Saachen, déi eis méi wichteg schengen. Do sinn an der Erzielung vum Jesus déi zwee Personagen, déi laanscht ginn, déi wuel an déi Kategorie falen. Dacks gëtt gesot, si konnten net hëllef, well si sech un déi kulturell Rengheetsvirschrëften hu missten halen. Allerdéngs waren si um Wee fort vu Jerusalem, also et war no hirem Déngscht. Si hätten also duerchaus kéinten hëllef. Wat huet si gehënnert: Lidderegkeet, Desinteressi, Selbstschutz, Sozialisatioun...? Et gëtt eis net gesot. Iwwerfuert waren se sécher mat der Situatioun. D'Interpretatioun si fräi. Mir kënnen eis ouni weideres an des Leit eraversetzen. Och eis kënn et vir, dass mir laanscht d'Nout versichen ze kommen ouni ze hëllef.

Den drëtte Personnage ass de Samariter. Tëschen de Samariter a de Judden ass scho säit Jorhonnerten eng grouss Animositéit. Dem Samariter säi Bléck op dee Verletzten ass vun enger anerer Qualitéit. Hie léist sech ganz déif - bis a seng Träipen, beréiere vun der Nout. Et gëtt eng Dynamik vu Solidaritéit a Baarmhärzegkeet an him wackereg, déi keng Grenze kennt. Hie kuckt net nom Status, net aus wéi engem Vollek de Verletzten ass. Hie gesäit einfach ee Mënsch an der Nout. Hie gëtt vum Misär a sengem Häerz getraff a gesäit een Nächst, deem seng Hëllef brauch, elo an direkt. Hie brauch net laang ze iwwerleeën. Hien diskutéiert net mat sech, op hien et hikritt. Hien iwwerhëllt Verantwortung. Op de Samariter dee Verletzten sympathesch fënnt oder net, ass hei keng Fro. Hie gesäit an deem Verletzten sech selwer. D'Gebot "Du sollst deinen Nächsten lieben wie dich selbst" gëtt deemno hei a senger Perspektiv ëmgedréint. De Samariter gëtt zum Nächst vun deem Verletzten.

Wa mir eis dat emol virun Aen féieren, da gesi mir, dass mir selwer ëmmer nees a béide Situatiounen sinn. Mol si mir deem, deem Hëllef brauch. Mol si mir deem, deem Hëllef ka schenken. Dee kleng Saz "wie sich selbst" ass extreem wichteg. Dee gëtt eis eigentlech eng ganz grouss Verpflichtung op. D'Léift, wéi si hei verstane gëtt, ass net ee romantescht Gefill. D'Léift ass ganz einfach dat engagéiert Droe vum Misär vun deem, dee mir begéint.

Et ass sécher net einfach, esou ze fillen an ze handeln. Emmer dann, wann et eis schwéier fällt, kënnen mir un dëst Gebiet denken.

Berühre mich,
Herr,
sanft mit
deinem Wort,
das mich
hören und fühlen
lässt
und in mir
ungeahnte
Kräfte
freisetzt,
die
Berge
versetzen.

(aus: Kurt Rainer Klein, Berühre uns, Herr, sanft mit deinem Wort, Neukirchen-Vluyn 2019, S. 21.)

Iwwerleedung zur Krankesalbung

"Er ging zu ihm hin, goss Öl und Wein auf seine Wunden und verband sie.", sou huet et am Evangelium geheescht. Wonnen desinfizéieren - Péng versichen, méi kleng ze maachen - sech ëm een ze këmmen, huet och deemools zu der Suerg fir de kranken oder leidende Mënsch gehéiert. An eiser Liturgie kenne mir ee ganz schéint Zeechen, dat eis als krank Mënsche soll stäerken an neie Courage ginn. D'Sakrament vun der Krankesalbung hëllt wuel net de Misär an d'Peng ewech. Et weist eis awer, dass Gott eis ganz douce wëll beréieren a eis ganz no wëll sinn. Et soll fir eis all och en Zeeche sinn, dass mir eis ëmmer nees sollen uréiere loossen vun der Nout vun eisen

Nächsten an dass mir net sollte fäerten eis Hand auszestrecken an deem Mënsch nieft eis ze hëllefen an domatt dem leidende Mënsch zum Nächsten ze ginn.

Gebiet

Gott, eise Papp,
du hues eis duerch däi Jong Jesus Christus nei Hoffnung am Leed geschenkt.
Looss eis ëmmer erëm op säi Wuert a säi Beispill lauschteren
a léieren, wéi mir eise Matmënschen an der Nout kënne begéinen.
Seen all eis krank Schwëstere a Bridder
an all déi, déi sech an hiren Dénsgsch stellen.
Looss si all däi Geesch spieren,
deen hinnen nei Liewenskraaft gëtt.
Dorëms biede mir dech, elo an ëmmer an éiweg. Amen.

Krankesalbung

Fürbitten

Gott kann duerch eis wierken, wa mir eis fir hien opmaachen. An deeër Hoffnung an an deem Glawen brénge mir, d'Suerger vun eise kranken a schwaache Matmënschen virun hien a bieden:

* Mir biede fir all déi, deenen hiert Liewen duerch hier Krankheet däischter an traureg ginn ass. Géff hirem Liewen erëm neit Liicht duerch d'Begleedung vu gudde Matmënschen. Härgott, héier eis.

* Nous prions pour tous les malades à l'hôpital, dans les structures d'accueil ou chez eux, afin qu'ils aient à leurs côtés des « bons samaritains » qui les regardent, s'approchent d'eux et les accompagnent dans leur souffrance, leur solitude ou leur incertitude. Seigneur, écoute notre prière.

* Mir biede fir all Mënschen, déi sech elo hei oder op anere Platzen fir ee Gottesdénsgsch versammelt hunn. Looss si erfoueren, dass du si begleets an op hier Froen, Uleies a Suerge lauschter. Härgott, héier eis.

* Nous prions pour ceux qui prennent soin des malades, les proches et les professionnels de santé, afin que le Seigneur renouvelle en eux la force, la patience et la sérénité qui les aident à s'engager avec sagesse, respect et compassion. Seigneur, écoute notre prière.

* Mir biede fir all déi, déi engagéiert sinn an der Gesondheetspastoral. Géff hinnen d'Gespieler fir e respektvollen a gudden Ëmgang mat deene kranken an eelere Mënschen, dass si d'Gesten an d'Wieder fannen fir eng Begleedung, déi d'Liewen dréit. Härgott, héier eis.

* Nous prions pour ceux qui dirigent les nations et les institutions sanitaires, afin qu'ils offrent et garantissent la santé comme un droit pour tous et non comme un privilège pour quelques-uns. Seigneur, écoute notre prière.

* Mir biede fir all déi, déi hire Liewenswee schonn ofgeschloss hunn an elo bäi dir sinn. Looss si bäi dir glécklech sinn an am Fridde rouen. Härgott, héier eis.

Härgott, mir vertrauen dorop, dass du dech ëm eis suergs. Dech louewen an éiere mir, elo an an all Éiwegkeet. Amen.

Vater Unser – Notre Père ...

Zesummen halen ass wichteg. Een un deen aneren denken, een deem aneren hëllefen, zesumme bieden. Loosse mer ee mat dem Aneren, ee fir den Aneren bieden:
Eise Papp am Himmel ...

Schlussgebiet

Barmherziger Vater,
 du hast im Gebot der Liebe
 das Gesetz und die Propheten erfüllt,
 schenke uns ein Herz voller Barmherzigkeit,
 damit wir, nach dem Bild deines Sohnes,
 uns unserer Brüder und Schwestern in Not und Leid annehmen.
 Darum bitten wir durch unseren Herrn Jesus Christus,
 deinen Sohn, der mit dir lebt und herrscht
 in der Einheit des Heiligen Geistes,
 von Ewigkeit zu Ewigkeit. Amen.

Père miséricordieux,
 tu as accompli la Loi et les Prophètes dans le commandement de l'amour,
 accorde-nous un cœur plein de miséricorde,
 afin que, suivant l'image de ton Fils, nous puissions
 porter nos frères et sœurs dans le besoin et la souffrance.
 Nous te le demandons par Jésus-Christ, notre Seigneur,
 ton Fils, qui règne avec toi, dans l'unité du Saint-Esprit,
 maintenant et pour les siècles des siècles. Amen.

Segen

Der Herr sei mit euch. Und mit deinem Geist.

Lasset uns beten.

Herr, lass die Fülle deines Segens auf dein Volk herabkommen,
 damit seine Hoffnung in der Prüfung wächst,
 seine Kraft in der Versuchung gestärkt wird
 und ihm das ewige Heil zuteil wird.
 Durch Christus, unseren Herrn.
 Amen.

Der allmächtige Gott, der Vater und der Sohn
 und der Heilige Geist, segne euch. Amen.

Que le Seigneur soit avec vous. Et avec votre esprit.

Prions.

Que l'abondance de ta bénédiction descende, Seigneur,
 sur ton peuple, afin que son espérance grandisse dans l'épreuve,
 que sa vigueur se fortifie dans la tentation,
 et que le salut éternel lui soit donné.
 Par le Christ notre Seigneur. Amen.

Que Dieu tout-puissant, le Père, le Fils
 et le Saint-Esprit, vous bénisse. R. Amen.

oder:

Der Herr segne und behüte dich.
 Der Herr sei in deiner Schwäche und in deiner Kraft.
 Er sei in dir wie eine Quelle, die erfrischt und niemals versiegt.
 Er sei unter dir wie eine Hand, die dich hält, wenn du fällst.
 Er sei über dir wie ein Dach, das dir Schutz und Zuflucht gewährt.
 Er sei in deiner Ohnmacht und deiner Hoffnung.
 Er sei mit dir, wohin dein Weg auch führt.

So segne und behüte uns alle der barmherzige Gott,
der Vater, der Sohn und der Heilige Geist.
(nach Anselm Grün)